N°1070
Entrée le 12.08.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, Yuriko Backes, op d'parlamentaresch Fro n°1070 vum 29. Juli 2024 vun der Madame Deputéiert Nancy Arendt**

Déi honorabel Deputéiert renseignéiert sech iwwer de Mindestalter an d'Accidenter vun E-Scooter.

Duerch d'Ännerung vum *"arrêté grand-ducal modifié du 23 novembre 1955 portant règlement de la circulation sur toutes les voies publiques"* vum 19. Dezember 2020 goufen d'*"Micro-véhicules électriques*" (MVE) am Code de la route verankert.

D'E-Scooter falen ënnert d'Kategorie vun dësen MVE a sinn, bis op e puer Ausnamen, mam Vëlo gläichzesetzen.

- *Wat ass de Mindestalter fir dierfen E-Scooter ze fueren?*

Dës MVE dierfe vun de Kanner ënner 13 Joer op deene Plazen, déi fir Foussgänger virgesi sinn, wéi zum Beispill Trottoiren oder Spillstroossen, fir ze spille benotzt ginn, ënnert der Konditioun opzepassen an de Foussgänger d'Prioritéit ze loossen. Ab dem Alter vun 10 Joer ass et erlaabt op der Strooss an op deene Plazen ze fueren, déi fir de Vëlo virgesi sinn, an ab dem Alter vun 13 Joer ass dat obligatoresch.

- *Wéi vill Accidenter gouf et an deene leschten 3 Joer mat Bedeelegung vun E-Scooter?*
- *War och Alkohol oder Marihuana am Spill?*
- *Goufen et Doudeger bei Accidenter mat Bedeelegung vun E-Scooter?*

Am Joer 2021 goufen 10 kierperlech Accidenter rezenséiert wou een E-Scooter dra verwéckelt war. Insgesamt goufen et 4 schwéier a 4 liicht Blesséierter an 2 Persoune goufen net blesséiert. Bei deenen 10 Accidenter war eemol Alkohol beim Fuerer vum E-Scooter mat am Spill.

2022 waren insgesamt 25 kierperlech Accidenter wou een E-Scooter dra verwéckelt war mat 6 schwéier Blesséierter, 18 liicht Blesséierter an engem Onverwonnten. Bei deene 25 Accidenter war och eng Kéier Alkohol beim Fuerer vum E-Scooter mat am Spill.

Fir 2023 goufen 19 kierperlech Accidenter gezielt wou een E-Scooter dra verwéckelt war. Dobäi goufen et 4 schwéier Blesséierter, 11 liicht Blesséierter a 4 Persoune goufen net blesséiert. Bei deenen 19 Accidenter waren insgesamt zwee mol Alkohol an eemol Cannabis beim Fuerer vum E-Scooter mat am Spill.

- *Ass hir Unzuel an d'Luucht gaangen?*

Et ass eng liicht Hausse bei der Unzuel vun den Accidenter mat E-Scooter ze erkennen, dozou muss een awer soen dass dës Accidenter eréischt säit 2021 vum STATEC rezenséiert ginn an een dës Statistik definitiv an Zukunft weider muss évaluéieren.

- *Wat ass den Alter vun deenen accidentéierten E-Scooter Fuerer?*

Hei drënner 3 Tableauen iwwert den Detail zu de verschiddenen Alteren vun den accidentéierte E-Scooter Fuerer pro Joer.

| **2021** | | | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| **Alter** | 22 | 26 | 30 | 31 | 34 | 52 | 53 | 57 | 62 |
| **Frequenz** | 1 | 1 | 1 | 1 | 2 | 1 | 1 | 1 | 1 |

| **2022** | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| **Alter** | 13 | 15 | 18 | 21 | 22 | 23 | 24 | 25 | 28 | 29 | 30 | 31 | 32 | 33 | 35 | 36 | 37 | 41 | 44 | 46 |
| **Frequenz** | 1 | 1 | 2 | 2 | 1 | 1 | 1 | 1 | 1 | 1 | 2 | 1 | 1 | 1 | 2 | 1 | 1 | 1 | 1 | 2 |

| **2023** | | | | | | | | | | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| **Alter** | 11 | 12 | 14 | 16 | 18 | 22 | 23 | 26 | 36 | 40 | 41 | 44 | 49 | 52 | 54 | 65 |
| **Frequenz** | 1 | 1 | 2 | 1 | 1 | 1 | 1 | 1 | 2 | 2 | 1 | 1 | 1 | 1 | 1 | 1 |

- *Haten déi accidentéiert E-Scooter Fuerer een Helm un?*

Informatiounen iwwert d'Droe vun engem Helm si leider net disponibel, woubäi ze vermierken ass dass dëst laut Code de la Route net obligatoresch ass.

Lëtzebuerg, den 12. August 2024

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes